FIR DE CYCLE 4.1 (2023/2024)

## SCHAFF MAT AM

# LEGO LEAGUE TEAM

## UN EISEM

# MASTERPIECE℠

# WAT ASS D'FLL?

D'FIRST LEGO League ass ee weltwäite Bildungsprogramm, dee vun der amerikanescher Stëftung FIRST, LEGO an anere Sponsoren an d'Liewe geruff ginn ass. De Programm erméiglecht SchülerInnen een altersgerechten Astig an d'Beräicher Fuerschung, Konstruktioun a Programméierung. Esou kënne si scho fréi hiren Interessi un de MINT-Fächer (Mathematik, Informatik, Naturwëssenschaft an Technik) entdecken an hir Kommunikatiounsfäegkeet, sou wéi hiren Teamwork stäerken. Dëst Joer ass weltwäit d'Thema "Masterpiece". Et geet ëm Roboteren, Konscht a Musek.

# EIS AUFGAB


Mir designen a bauen ee Roboter, deen d'Missioune vun dësem Joer hikritt. Mir schaffen un enger Fuerschungsaarbecht zum Thema vun dësem Joer. Mir designen eisen eegene Logo an eis eegen T-Shirten. A virun allem: mir wuessen zesummen zu engem Team!

# COACHES



anne-sophie.schaus@education.lu

michel.czerwinski@education.lu




SCHOUL HELPERKNAPP

# WÉINI?

D'Kanner aus dem Cycle 4.1 (2023/2024) huelen ab dem 25. September 2023 all Méindeg vun 12.45 bis 13.55 Auer um Training deel. Mir treffen eis ëmmer um 12.45 Auer ënnen am Agang vum Gebai. An de Schoulvakanzen ass keen Training. Déi grouss Finall ass de 24. Februar 2024 am Forum Geesseknäppchen. Wa sech dëst Joer esou vill Equipen umellen, wéi erwaart, da kënnt et souguer do virdrun nach zu regionalen Halleffinallen. Soubal mir wëssen, wéini déi sinn, deele mir deenen ugemellte Kanner déi Datummer mat. De Lego League Training ass am Prinzip nom 25. Mäerz 2024 fäerdeg.

# MAACH MAT!

Engersäits sinn 10 Kanner an eisem Team, déi och schonn d'lescht Joer dobäi waren. Si hëllefen deenen 2 Coachen dobäi, deenen neie Kanner den Ëmgang mam Lego Spike Material an d'Reegele vun der FIRST Lego League bäizebréngen. Anerersäits rekrutéiere mir 10 nei Kanner aus dem Cycle 4.1 (2023/2024). Wann s du wëlls dobäi sinn, da mussen deng Elteren de QR-Code op der Récksäit scannen an dech bis spéitstens den 21. September 2023 umellen. Schéck eis wgl. ausserdeem bis deen Dag per Mail oder iwwer Teams e puer Sätz an/oder Fotoen an/oder Videoen fir eis ze erklären, firwat mir dech an eisem Team brauchen. Falls sech vun dengem Joergang méi wéi 10 Kanner mellen, dann entscheede mir opgrond vun deem, wat s du eis geschéckt hues, wie mir unhuelen.